ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. August 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Zënter 2015 huet Lëtzebuerg proportional an absolut vill Persounen opgeholl, déi hei am Land e Schutzstatut ugefrot hunn. Domat ware fir de Staatsbudget eng Rei vun Onkäschte verbonnen.

Dës Käschte sinn z.B. duerch dës Aktivitéiten entstanen:

- Op- an Ausbau vun Administratiounen a Personalstrukturen (Direction de l'Immigration, OLAI)
- Op – oder Ausbau vu Foyeren, Wunnstrukturen (inkl. Shuk) a Fonctionnementskäschte vun deene Strukturen (inkl. Personal)
- Engagement vu Sécherheetspersonal a vun aneren « prestataires de service » aus de para-staatlechen oder private Secteuren
- Käschte vu Réckféierungen (fräiwëlleg an net fräiwëlleg)
- Käschten zum Zweck vun der Identifizéierung (inkl. Zesummenaarbecht mat auslännesche Konsulater, besonnesch zu Bréissel) oder zur Altersbestëmmung vun eventuell mannerjärege Migranten
- Käschten duerch Familljenzesummeféierungen
- Medezinesch a para-medezinesch Käschten
- Divers Efforten am Schoulwiesen
- Divers Aktivitéiten, déi d'Integratioun vun deene Persoune solle begënschtegen
- Revis fir Leit déi de Statutt als BPI kruten
- Interventioune vun der Police an de Foyeren oder am Ëmfeld vu Wunnstrukture vun dem genannte Persounekrees
- Missioune vu staatlechem Personal an d'Tierkei, Griicheland, Malta oder op aner Plazen zu Zwecker vun der Formatioun, vun der internationaler Zesummenaarbecht oder der Identifizéierung vu Migranten, déi sollen op Lëtzebuerg bruecht ginn
- Iwwerwaachungsaktiounen am Mëttelmier, z.B. aus der Loft
- Bedeelegung vu Lëtzebuerg u Grenzsécherungsmoossnamen (inkl. Frontex) am Kader vun der Migratiounskris

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

- Bedeelegung un EU-Finanztransferten am Kader vun der Migratiounskris, inkl. mat der Tierkei
- All aner Depense am Kader vun der Migratiounskris

Dowéinst wollt ech dem Här Finanzminister dës Fro stellen:

I. Kann den Här Finanzminister eng Gesamtopstellung vun de Käschte vun der Migratiounskris fir Lëtzebuerg vun 2015 bis 2019 zesummestelle loossen, opgeschlësselt no dem Zweck vun der Depense?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742